

Lëtzebuerg, den 10te Mee 2022

Communiqué

De President vun der Staatsbeamtegewerkschaft CGFP hat haut am RTL-Radio gefrot, wéi d'Parteien zur Indexdiskussioun stinn. D'Piraten bleiwe bei der Positioun, dass all Indextranche dann muss faalen, wann déi 2,5% Inflatiouen erreescht sinn. Den Index ass grad an dëse Momenter de richtege Mechanismus, fir dem Land eng gewësse Rou a Previsibilitéit ze ginn. Donieft muss d'Politik mat geziilte Moosnamen de Betriber an de kleng Portmonnien ënnert d'Äerm gräifen. Am Fall, wou 2023 all d'Indextranchen openee fale sollten, muss de Staat d'Rechnung dovunner bezuelen.

Déi aktuell Präisdeierecht mécht sech zënter e puer Méint op ville Plätzen hei am Land spierbar: op der Tãnkstell, an de Geschãfter oder och doheem bei de Stroum- a Gasprãisser. D'Inflatiouen ass änlech schlëmm fir d'Leit, wéi all aner wirtschaftlech Kris. Se schaaft Veronsécherung an Existenzãngscht, well déi reell Kafkraaft Woch fir Woch erofgeet.

Fir d'Piraten bitt eng Indexmanipulatioun, sou wéi se aktuell um Dësch leit, weder de Leit, nach de kleng Betriber, déi néideg Perspektive fir d'Zukunft. Am Géigendeel: se verschãerft déi allgemeng Veronsécherung an erhéicht d'Existenzãngschte vu ville Leit hei am Land.

Et dierf net sinn, dass d'Indexmanipulatioun déi grouss Banken, Pëtrolsfirmer an Onlinegigante verschount, déi aktuell een nom anere Rekordgewënner fir 2021 presentéieren, wãrend déi kleng Firmen ënnert dem Kafkraaftverloscht vun de Konsumente verléieren.

Amplaz um Index ze fréckelen, fuerdere mir Piraten, dass d'Betriber, déi ënnert der Inflatiouen leiden, mat cibléierte Subsiden ënnert d'Äerm gegrãff kréien, esou wéi dëst wãrend der Covid-Pandemie gemaach gouf. Fir déi sozial Gerechtegkeet am Land ze verbessern, muss d'Regierung doriwwer eraus um geplangte Steierkredit fir déi kleng Portmonnien hei am Land festhalen. Dëse Steierkredit ass méi ewéi iwurfãlleg, grad well déi versprache Steierreform net wãert kommen.



Ugesiichts vun all deem wat um Spill steet, bleiwe mir Piraten bei eiser Positioun, dass ass all Indextranche dann muss faalen, wann déi 2,5% Inflatoun erreescht sinn. Falls d'Regierung hier Indexmanipulatioun duerchzitt, mussen 2023 all d'Indextranchen openee falen an um Enn de Staat d'Rechnung iwwerhuelen. Mat de Pirate wäert keng Indextranche manipuléiert oder ausgesat ginn. Den Index ass grad an dëse Momenter de richtege Mechanismus, fir dem Land eng gewësse Rou a Previsibilitéit ze ginn.



www.piraten.lu